P492 D 1080
dépôt: 26.02.2015

SEW
OGB·L

Syndikat Erzéiung a Wëssenschaft am OGBL

zesumme mat de Studenten a diploméierte Chargé-e-s de cours

# PETITIOUN

## Fir ë sënnvolle "Stage d'entrée en fonction" an der Grondschoul

1650 Ënnerschrëften ënnerstëtzen folgend Fuerderunge vun de Studenten a Chargé(e)s de cours:

- De Projet de Loi iwwert de "stage d'entrée en fonction" fir d'Enseignantë vun der Grondschoul muss fundamental nei diskutéiert ginn.
- De Minister Meisch soll mat de Betraffenen an hirer Gewerkschaft a Verhandlungen trieden.
- Am Stage sollen d'Begleedung an d'Berodung fir di nei Kolleginnen a Kollegen fakultativ sinn.
- Di nei Enseignanten solle keng weider Hindernisser a Form vu Mémoire, Coursen an Examen octroyéiert kréien.
- Keng Reduktioun vun der Pai am Stage a keng Spuerpolitik op Käschte vun deene jonke Kolleginnen a Kollegen.

Transmis en copie pour information
- aux Membres de la Commission des Pétitions
- aux Membres de la Commission de l'Education nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse
- aux Membres de la Commission de la Fonction publique et de la Réforme administrative
- aux Membres de la Conférence des Présidents

Luxembourg, le 4 mars 2015

Anne Tescher
Secrétaire-administrateur de la Commission des Pétitions

www.sew.lu
tél: 26 09 69 1, fax: 26 09 69 69, courriel: sew@ogbl.lu

# PETITIOUN

## Fir ë sënnvolle "Stage d'entrée en fonction" an der Grondschoul

### Solidaresch mat den zukünftege Kolleginnen a Kollegen

D'Studente vun der Uni Lëtzebuerg, aus der Belge an aus der Schwäiz sou wei Chargés de cours déi sech dem Concours nach musse stellen, zesumme mam SEW kennen de geplangte Stage net akzeptéieren a fuerderen de Minister Meisch op, a Verhandlung ze trieden an eng sënnvoll Formule fir de Stage ze fannen.



Leider huet de Minister Meisch bis elo all Verhandlung refuséiert.

Déi zukünfteg Kolleginnen a Kollegen zielen op är Solidaritéit an Ënnerstëtzung datt hir berechtegt Fuerderunge gehéiert an erfëllt ginn.
Si sollen ënnert de beschtméigleche Konditiounen en positive Start an de Beruff erliewen, a vun Ufank un hire Responsabilitéite vis-à-vis vun de Kanner gerecht ginn.



No enger exigenter theoretescher a praktescher Ausbildung, ass deen neien Enseignant prett fir de Besoine vun de Kanner gerecht ze ginn. Déi éischt Joren am Enseignement sinn ëmmer schwéier, an déi nei Enseignantë kennen hir Missioun nëmmen dann erfëlle wann de Fokus um Schoul halen, an net haaptsächlech op der Reussite vum Stage läit.

Deem neien Enseignant soll d'Offer vun enger individualiséierter Ënnerstëtzung, amplaz vun enger opgesater theoretescher Formatioun, zur Verfügung stoen.

An der Annexe fannt dir eisen Argumentaire.

D'Petitioun kann entweder um Pabeier **oder** awer och online ënnerschriwwe ginn op www.petitioun.lu

**Merci fir är Ënnerstëtzung!**